N°1393
Entrée le 15.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes a vun der Justizministesch Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro n°1393 vum 18. Oktober 2024 vun den honorabelen Deputéierte Georges Engel a Mars Di Bartolomeo iwwert d'Karriäre vun de Bréifdréier a Bréifdréieschen**

Mir kënnen den Deputéierte bestätegen, dass ongeféier 320 Bréifdréier a Bréifdréieschen eng Ronn 640 Recourse virum Verwaltungsgeriicht agereecht hunn. D'Bréifdréier an d'Bréifdréiesche froen an dëse Recoursen e Reklassement an d'Karriär C1 . Vu dass all d'Recoursen awer dee selwechten Objet hunn an se vun deem nämmlechten Affekot agereecht goufen, ass sech gëeenegt ginn, dass e puer Dossieren elo als Pilot-Dossier traitéiert ginn. D'Parteie sinn sech och eens, dass esou bal eng definitiv Decisioun an dësen Dossiere geholl gëtt, all Dossier identesch a konform zu de Pilot-Dossieren traitéiert soll ginn.

Et steet all Bierger zou, e Recours viru Geriicht ze maache wann e mat enger Situatioun oder Decisioun net zefridden ass.

Luxembourg, le 15.11.2024

Le Ministre de la Fonction publique

(s.) Serge Wilmes